# INSTRUKTIOUNE FIR DE WIELER BRÉIFWAL

# EUROPAWALEN

1. De Wieler kann nëmmen esou vill Stëmme verginn, ewéi et Mandater gëtt. E kann also net méi ewéi 6 Stëmme verginn. E kann all Kandidat eng oder zwou Stëmme ginn, bis datt 6 Stëmme vergi goufen.

   De Wieler stëmmt

   – andeem en de Rondel, deen an der Case iwwer enger Lëscht ass, schwäerzt oder e Kräiz (+ oder x) dramécht, wouduerch en all Kandidat vun dëser Lëscht eng Stëmm gëtt;
   – andeem en e Kräiz (+ oder x) an eng oder déi zwou Caseë mécht, déi hanner dem Numm vun engem oder méi Kandidate stinn, bis datt den Total vu 6 Stëmmen, déi de Wieler ka verginn, erreecht ass;
   – andeem en déi zwou uewe genannte Methoden applizéiert, am Fall, wou en de Rondel an der Case iwwer enger Lëscht, déi manner Kandidaten zielt, ewéi Deputéiert an deem Bezierk ze wiele sinn, schwäerzt oder e Kräiz (+ oder x) an dee Rondel mécht, an déi Stëmmen, déi nach iwwereg sinn, op een oder méi Kandidate verdeelt:
     • wann de Wieler de Rescht vu senge Stëmmen op een oder méi Kandidate verdeelt, déi op der Lëscht stinn, där e seng Zoustëmmung ginn huet, kann en all Kandidat just eng eenzeg Stëmm ginn, bis datt déi Stëmmen, déi iwwereg sinn, opgebraucht sinn;
     • wann de Wieler de Rescht vu senge Stëmmen op een oder méi Kandidate verdeelt, déi op der Lëscht stinn, där e seng Zoustëmmung ginn huet, an op anere Lëschten, oder wann en de Rescht vu senge Stëmmen ausschliisslech op een oder méi Kandidate verdeelt, déi op anere Lëschte stinn, kann en all Kandidat eng oder zwou Stëmme ginn, bis datt de Rescht vun de Stëmmen opgebraucht ass;
     • de Wieler kann de Rescht vu senge Stëmmen och huelen, fir de Rondel, deen an der Case iwwer enger oder méi Lëschten ass, ze schwäerzen oder e Kräiz (+ oder x) dranzemaachen, ënner der Bedéngung, datt d’Zuel vun de Stëmmen, déi iwwereg sinn, méi héich oder d’nämmlecht ass ewéi d’Zuel vun de Kandidaten op dëse Lëschten.

2. De Wieler dréit seng Stëmme mat engem Bläistëft, enger Fieder, engem Bic oder soss engem änlechen Instrument um Stëmmziedel an.

3. E mécht den ausgefëllte Stëmmziedel an d’Walenveloppe, déi en dann an d’Enveloppe, déi fir d’Verschécke geduecht ass, mécht. An der Walenveloppe däerf net méi ewéi ee Stëmmziedel sinn.

4. Ongülteg sinn:
   a) all aner Stëmmziedelen ewéi deen, deen dem Wieler vum Schäfferot geschéckt gouf;
   b) dëse Stëmmziedel selwer:
      – wann de Wieler méi Stëmme verginn huet, ewéi Deputéiert ze wiele sinn;
      – wann de Wieler guer keng Stëmm ofginn huet;
      – wann e Stréch, en Zeechen oder eng Markéierung, déi de Bestëmmunge vum Punkt 1 vun den Instruktiounen no net erlaabt sinn, den Auteur kënnen ze erkenne ginn;
      – wa bannen am Stëmmziedel e Pabeier oder soss e Géigestand läit;
      – wann de Stëmmziedel an enger anerer Enveloppe ass ewéi d’Walenveloppe, déi de Wieler geschéckt krut, oder wann op der Walenveloppe en Zeechen ass, dat de Wieler kann ze erkenne ginn.

5. Wie wielt, ouni dat Recht ze hunn, gëtt mat enger Prisongsstrof vun aacht bis fofzéng Deeg an enger Geldstrof vun 251 bis 2.000 Euro bestrooft. Wien ënner dem Numm vun engem anere Wieler stëmmt, gëtt mat enger Prisongsstrof vun engem Mount bis ee Joer an enger Geldstrof vun 251 bis 10.000 Euro bestrooft.

123-000272-20240319-FR

# INSTRUCTIONS FOR VOTERS POSTAL VOTING

# EUROPEAN ELECTIONS

1. Voters may not cast more votes than there are mandates to be filled. They may therefore not cast more than 6 votes. They may allocate one or two votes to each candidate, up to a maximum of 6 votes.

   Voters can cast their vote

   – either by filling the circle of the box at the top of a list, or by placing a cross (+ or x) in the circle, thereby allocating one vote to each of the candidates on the list;
   – or by placing a cross (+ or x) in one or both of the boxes following the name of one or more candidates, up to the total of the 6 votes available;
   – or by proceeding in both ways if they fill the circle of the box at the top of a list that contains fewer candidates than there are MPs to be elected in the constituency or they place a cross (+ or x) in the circle at the top of such a list, and they allocate the remainder of their votes to one or more candidates:
     • if the voter allocates the remainder of their votes to one or more candidates on the list they have voted for, they may only allocate one additional vote to each candidate with the rest of their remaining votes;
     • if the voter allocates the remainder of their votes to one or more candidates on the list they have voted for and to candidates on other lists, or if they allocate the remainder of their votes exclusively to one or more candidates on other lists, they may allocate one or two votes to each of the candidates on the other lists with the rest of their remaining votes;
     • voters may also use their remaining votes to fill the circle, or to place a cross (+ or x), at the top of one or more other lists, provided that the number of their remaining votes is equal to or greater than the number of candidates appearing on this or these list(s).

2. Voters must express their vote using a pencil, pen, ballpoint pen or similar instrument.

3. They place the completed ballot paper in the electoral envelope which they then place in the mailing envelope. The electoral envelope must not contain more than one ballot paper.

4. Are considered null and void:

   a) any ballot paper other than the one sent to the voter by board of the mayor and aldermen;
   b) that same ballot, if:
      – the voter has cast more votes than there are MPs to be elected;
      – the voter has not voted for anyone;
      – the ballot has been marked with an erasure, a sign or a mark not authorised by the provisions of point 1 of the instructions and that can make the voter recognisable;
      – it contains any other piece of paper or object inside.
      – it is put in an envelope other than the electoral envelope sent to the voter, or if this electoral envelope contains a sign that can make the voter recognisable.

5. Anyone who votes without being entitled to do so is liable to imprisonment for between eight and fifteen days and a fine of between EUR 251 and EUR 2,000. Anyone voting under the name of another voter will be liable to imprisonment of between one month and one year and a fine of between EUR 251 and EUR 10,000.